# Muedebëtzeg vum Roland Meyer

**Ausgezeechend mat dem „Lëtzebuerger Buchpräis 2012“ an der Kategorie Literatur**



## Kritiken – Hei eng Rei Réckmeldungen, déi ech an diene leschte Wochen schrëftlech kruet. Villmools merci jidderengem, dien sech d'Méi gemaach huet, seng Iddien opzeschreiwen a mir se ze schécken…:

## Claude Mangen – 100,7

***De Roland MEYER Joergank 1963 ass Schoulmeeschter, Auteur vun Hörspiller, Kabaretts-Texter an Theaterstécker fir Kanner, Museker bei der BluesbandTheWinklepickers, Kabarettist, Regisseura Matbegrënner vum Ensembel "Sténkdéier". Bestuet a Papp vun zwee Bouwen. Mat sengem Roman "Muedebëtzeg" dee am Verlag op der Lay erauskoum, geet de Roland MEYER nei Weeër fir déi een hie nëmme ka félicitéieren. De Claude Mangen mam Buchtip vun dëser Woch.***

Wann ech dës Bespriechung mat enger kuurzer Biographievum Roland MEYER ufänken, huet dat seng Grënn, well den Auteur mat där Vita enger Generatioun entsprécht déi am Roman "Muedebëtze" beschriwwe gëtt. De Paul, Anti-Held vun der Erzielung huet op den éischte Bléck alles kritt, wat e gemengt hat missen z'erreechen, hien ass Architekt, schafft beim Staat, seng Fra ass Proff, hir zwee gesond an intelligent Bouwen si geroden an um gudde Wee, an u Sue feelt et net. Matzen am Liewen, oder vläicht och schonn driwwer gëtt de Paul onzefridde, mat senger Aarbecht, senger Relatioun, sengem Liewen an mat sech selwer. De Roland MEYER nennt dat am Buch "de Lëtzebuerger Modell" an et spiert een iwwer déi 215 Säiten, dass e weess vu wat e schreift. "Wéi d' Jongen, den Tom an de Pit, aus dem Haus waren, wollte si zesummen e neit Liewen ufänken. Esou wéi wann dat aalt net méi gutt gewiescht wier" heescht et um Ufank vun der Geschicht. De Paul fänkt u Villes a Fro ze stellen, gesäit munches anescht, obschonns "hie scho mat 25 wosst, datt hie säi Liewe géing am Mëttelmooss verbréngen". Wéi hien du sengem Kolleg Fränz seng Doudesannonce an de Zeitung liest, an um Begriefnes d' Isabel kenne léiert fänkt dem Paul säin definitive Verfall un. Hie verfält dem Sex mam Isabel, der Pornografie, den Drogen an dem Soff a schliisslech der Korruptioun. Alles dat fir seng Liewen-Ligen z' erdroen. "An Du koum déi Zäit, an där et dem Paul op eemol e Strapp ze séier gaangen ass. Aus där einfacher Bezéiung mam Isabel, sollt op eemol eppes Komplizéiertes ginn" heescht et weider. A wéi d 'Laura seng Fra Broschtkriibs krut, huet de Paul d' Kontroll iwwer säi Liewe ganz verluer. Natierlech wousst de Paul vu vireran, datt et just nach konnt schlëmmer ginn, mä hien hat ëmmer nach déi verréckt, verzweiwelt an total onbegrënnt Hoffnung" säi muedebëtzegt Liewe kéint gutt ausgoen.

De Roland MEYER gëtt sengem Roman eng kloer Struktur. Säi Protagonistlogéiert am Februar 2010 zu Cannes am Hotel Martinez, do wou hien déi lescht Joere regelméisseg koum während anerer an de Wantersport gefuer sinn, ufanks mat Laura, spéider mam Isabel. Dës Kéier ass eng eleng, eleng a verlooss an kritt de Soud, säi muedebëtzegt Liewe stéisst him uerg erop bis e sech selwer vun uewe bis ënne mat senger onverdaute Vergaangenheet begladdert. De Paul ass um Enn, psychesch, moralesch a kierperlech, an datt hie schlussendlech an d' Waasser geet ass logesch a konsequent. Dass et sou muss komme, weess de Lieser vun Ufank un awer et ass spannend gewuer ze ginn, wéi a firwat et passéiert. Dat Alles beschreift e Roland MEYER op eng kredibel Manéier, kloer a verständlech an et bekäppt ee, wéi e Mënsch souwäit ka kommen. Dass ee hie sech e puer Cognacën a Reeschaueren hätt kënne spueren, ass Niewesaach. Besonnesch geléngt dem Auteur den Ëmgang mat deene ville Metapheren fir Sexualitéit, Krankheet a Verfall. Déi dräi Frae-Typen, d' Laura seng Fra, d' Isabel als Maîtresse an déi mysteriéiser Schéinheet Amber si charakterlech net wierklech ausgeschafft, begleeden awer ganz gutt dem Paul seng Zoustänn,

seng Ängscht, seng Loscht a säi Verlaangeren. Mam Isabel senger Virgeschicht als "Affer-Kand" geet de Schrëftsteller enger Piste no, déi ufanks berechtegt schéngt, spéider awer net wierklech déi gewënschten Erklärunge fir der Fra hiert Verhale liwwert, an dowéinst net hätt misse sou ausféierlech beschriwwe ginn. Dem Clochard Pascal, säin "Échec" als Paräisser Journalist ass zwar als Onheel- Verkënnegung-Prologe gutt gemengt, awer iwwerflësseg. Souvill zur Struktur vum Roman.
Dem Roland MEYER seng Sprooch ass déi vun haut an hei. Offen, Kloer an ouni Ëmstänn bréngt hien d' Saachen op de Punkt, schreift net laang ronderëm de Bräi, ma nennt d' Kand mam Numm. Dat mécht de Roman waakreg a lieweg, fléissend a liicht zougänglech. Et bleift een drun, souguer wann ee weess wat kënnt. Firwat eis Schrëftsteller, ëmmer Tendenz hunn de Lëtzebuerger Alldag méi schaarf ze zeechen, an ze iwwer spëtzen ass eppes, wou ech sécher ni derhannert kommen. Och de Roland MEYER léist sech heivunner irleeden, schonn e sech Méi gëtt um Tapis ze bleiwe, an et kritt een den Androck wéi wa säi Styl sech nach sicht a net fonnt huet.
Dem Auteur – an ech ginn dervun aus, dass et bewosst passéiert ass - geléngt eppes iwwer de Roman eraus, wat un d' Nodenke bréngt. D' Buch ass an eng Foto gewéckelt op där e Mupp séileroueg schléift. E Hond, deen der Huddel näischt mat der Erzielung ze dinn huet, an dach alles. Wéi glécklech muss sou en Déier, sou e Mënsch sinn, dee sech keng Froe stellt, frou an zefridden ass mat deem wat d' Liewe fir hien reservéiert huet, mat sech an der Welt eens ass a seng Fléi am Pelz meeschter gëtt.

## Pierre Ludovicy:

Da ich mich schriftlich besser auf Deutsch ausdrücken kann (und es auch eher gewohnt bin), so möchte ich meine Kritik des Buches von Roland Meyer auch in dieser Sprache schreiben.
So bin ich überrascht gewesen, wie schnell, flüssig und leicht es mir gefallen ist, Roland Meyers Buch auf Luxemburgisch zu lesen, einer Sprache, in der es mir meistens sehr schwer fällt, bis zum Schluss am Ball zu bleiben.
Es ist ein Buch über Lebenskrisen, die den bisherigen Lebenswandel in Frage stellen und Kämpfe heraufbeschwören.
Da die über 50-jährige Hauptperson Paul es nicht schafft, ihre Lebenskrise in den Griff zu bekommen, ist es vor allem ein Buch über den Untergang, das Versacken, den Verfall, kaputte Gedanken, zu nichts führende Einsichten (Paul stürzt sehenden Auges in sein Verderben), Selbstlügen, Selbstüberschätzung, lebensgefährdende Krankheiten und schlussendlich den Tod. Paul legt sich seine Sicht der Dinge mundgerecht zurecht, um die Wahrheit nicht erkennen zu müssen und scheitert schließlich auf erbärmliche Art und Weise.
"Muedebëtzeg" machte mir Lust, "La nausée" und "La chute" von Albert Camus wieder zu lesen. Ist also "Muedebëtzeg" ein existentialistisches Buch?
Zuerst führt das Cover mit dem friedlich schlafenden, wunderschönen Hund den Leser auf eine falsche Spur. Anschließend tut die Geschichte des Untergangs von Pascal das Gleiche – denn es geht nicht um Pascal und die Infragestellung seines bisherigen Lebens, obwohl dessen Story haargenau ins Buchthema hineinpasst.
Schließlich werden, spannend und geradlinig flott, parallel oder in Rückblenden, die Lebensgeschichten von Paul, von Laura (seiner Frau) und von Isabel(le) (dem Teufelsweib - ist sie nun Opfer oder/und Täter?) erzählt.
Denn, wie Rol Meyer schreibt: "D'Liewen hannerléist Spueren. Dat weess de Paul haut. Liewen ouni Konsequenzen ass net méiglech."
Im Mittelteil des Buches glaubte ich, das Ende zu kennen, und trotzdem bleibt das Buch spannend: denn ich hatte den Autor die ganzen 215-Seiten lang im Verdacht, eine plötzliche,

unerwartete Wendung dem Leser zu schenken (was dann auch geschieht, denn manches vom Buchende kommt in der Tat überraschend).

Spannend, herrlich erzählt, wunderbar nachvollziehbar, sind die Lebensprinzipien und intellektuellen Kartenhäuser ("Gedankenmodelle" oder "Gedankengerüste", wie der Autor diese benennt), die sich die Figuren zurecht legen, mit denen sie sich selbst belügen und ihre wahren Motive (Geilheit, Geltungssucht, die Lebensfassade aufrecht erhalten, falscher Stolz …) wegargumentieren und –rationalisieren wollen. Und mit denen sie sich verzweifelt entschulden wollen, von ihren Taten, um anderen die wahre Schuld zuschieben zu können.

So geht es um "de Lëtzebuerger Modell" in der Ehe, um den Drang, alles das im Leben zu erhalten, worauf man glaubt ein verbrieftes Recht zu haben – und das, wenn nötig, ohne Rücksicht auf Verluste, um die Ängste der Mittelschicht...

Es geht aber auch um Selbstvorwürfe, um einsichtige Momente, um das sehende Auge, mit dem man – sich selbst! – ins Verderben stürzt. Und um die Beschreibung der Methoden (Alkohol, Sex, Drogen, Lebenslügen), die Wahrheit betäuben zu können, damit man schlussendlich das tun kann, worauf man ja nun wirklich ein Recht hat, was das Leben einem bisher schuldig blieb. Es geht also auch um Selbstverwirklichung, oder das, was man dafür hält. Koste es, was es wolle!

Paul hat seine Lebensziele scheinbar erreicht; er ist Architekt, hat einen gut bezahlten, interessanten und nicht sehr aufreibenden Arbeitsplatz beim luxemburgischen Staat, besitzt Ersparnisse, kann sich alles leisten, worauf er Lust hat, hat eine sportliche und fürsorgliche Ehefrau, gesunde und intelligente Kinder.

Doch all das setzt er aufs Spiel. "Wenn es dem Kind zu gut geht, dann betritt es das Eis." Denn Paul ist eben nicht zufrieden mit seiner Welt, er ist nicht im Einklang mit sich selbst und hat das Gefühl, irgendwie versagt zu haben. Ist es die Langeweile eines wohlgeordneten, wohlsituierten, gut überschaubaren Lebens? Ist es die Einsamkeit, hervorgerufen durch das Gefühl, von niemandem verstanden zu werden und immer nur funktioniert, aber eben niemals richtig gelebt zu haben?

Die Probleme dieses Mannes in der Midlife-Krise beschreibt der Autor sehr anschaulich und erzeugt damit ein gewisses Verständnis für Paul und seine Motive, auch wenn seine Taten von einem Außenstehenden nicht gut zu heißen sind.

Nur einmal war ich wirklich sauer auf Paul, als er seiner Frau das nicht verzeihen kann, was er selbst schon längst selbst durchgezogen hat – doch gleich beschreibt der Autor Pauls Gedankenmodell und mein Ärger ist verflogen; ich habe fast Mitleid mit ihm. Obwohl Paul im Unrecht ist, keine Frage. Er ist eben ein Egoist (geworden?), für den andere nur wichtig in Bezug auf seine eigene Person sind.

Auch der Werdegang von Isabel(le) ist einfühlsam und packend erzählt, so dass auch sie mit einem gewissen Verständnis des Lesers rechnen kann - trotz allem! Ist sie denn nun Opfer oder/und Täter?

Auf jeden Fall würde die Figur von Isabel(le) es verdienen, dass Rol Meyer ihr auch ein Buch widmete, um ihren Werdegang nach ihrer Kindheit (die schon mit 4 Jahren endete), ihre Motive und ihre spätere Entwicklung zu erfahren. Wird sie etwa schlussendlich zu der "alten Dame" Dürrenmatts, die in einem Theaterstück zu Besuch kommt? Oder findet sie sogar ihr Glück? Ist sie nicht auch dem Untergang geweiht?

Wie alle Hauptfiguren ist Isabel(le) intelligent – aber Intelligenz allein, das zeigt das Buch sehr anschaulich, bedeutet nicht unbedingt die Fähigkeit zur erfolgreichen persönlichen Lebensbewältigung.

Ein paar interessante Fragen zu ihrer Person: Hat Isabel(le) von Anfang an (oder erst später) alles geplant? Warum will Isabel(le) es nur von hinten, anal, haben? Was sollen die häufigen Friedhofsbesuche? Woher kommt ihre Vorliebe für Sex nach bestimmten sozialen Anlässen? Wohin verschwindet sie am Schluss des Buches? Allein? Hat sie auch das geplant?

Ein anderes, sehr wichtiges Thema des Buches ist der Krebs, der Brustkrebs und die Bedeutung der Frauenbrust für die betroffene Frau und ihr persönliches Umfeld, nicht zuletzt auch für die Männer. Offen spricht der Autor dieses Thema aus verschiedenen Perspektiven an. Und genau hier zeigt das Buch auch Hoffnung und Positives – dass vielleicht manchmal auch die Art und Weise, wie ein Problem angegangen wird, entscheidet, was sich am Ende dabei entwickeln kann. Und dass eine neue, überraschende und positive Wendung im Leben immer im Bereich des Möglichen liegt.

Auch die mysteriöse und attraktive Amber spielt eine wichtige Rolle in Pauls Gedankenwelt. Schlussendlich "kritt" er dann auch die geile "Moss", wenn auch auf eine ganz spezielle Art und Weise, - die Beschreibung dieser "Verführung" ist einfach "köstlich"!

Andere Träume, das erkennt Paul schließlich mit Bedauern und Resignation, wird er allerdings in diesem Leben niemals erfüllt bekommen!

In "Muedebëtzeg" dreht sich vieles um Luxus, um teure Hotels, Uhren, Restaurants, Ferien und Autos – ein großer Teil der Handlung spielt im mondänen Cannes an der Côte d'Azur. Hier liegen luxuriöse Yachten und locken gut abgeschirmte Diskotheken die jungen und schönen Reichen dieser Welt. Cognac und Wein, Regen und Kälte spielen eine Rolle. Ebenso Sex, Pornomodels, Pornofilme, und sexuelle Männerphantasien. Korrupte Beamte und Unternehmer, geltungssüchtige Karrieristen, Täter und Opfer fehlen nicht.

Und wer ist Kenny Burrell? Das muss ich den Autor unbedingt mal fragen!

Eine Beanstandung habe ich: leider bleiben Pauls Kinder sehr abstrakt und spielen praktisch keine Rolle im Buch, weder physisch noch in seinen "Gedankengerüsten". Die Beschreibung einer Konfrontation Pauls mit seinen erwachsenen Kindern hätte dem Buch sehr gut zu Gesichte gestanden.

Es gibt im Buch einige wunderbare Beschreibungen, die mich vom Hocker rissen, die mir unter die Haut gingen:

- der ins Autofenster krachende, mit Nektar vollgestopfte Schmetterling (Seite 113)
- der angefaulte "muedebëtzegen" Apfel (S. 123)
- Pauls Übelkeit mit ihren verheerenden Folgen (Kapitel 31)
- das "Letzebuerger Modell" in der Ehe (Kapitel 41)
- die kranken Wissenschaftlerhirnen entstammenden Atomexperimente in Marville (Kapitel 42)
- …………

Überhaupt ist Rol Meyers Sprache direkt, kräftig, kommt auf den Punkt. Sie ist konkret. Sie ist deftig, sie schaut dem Volk aufs Maul, obwohl die Geschichte sich in einem gehobeneren Milieu abspielt, teilweise an der Côte d'Azur. Wunderbar sind die vielen Synonyme, die immer wieder gebraucht werden, die des Autors großen Wortschatz in der luxemburgischen Sprache aufzeigen und längst vergessen geglaubte Wörter sowie Redewendungen wieder ans Tageslicht zerren, dem Alzheimer entreißen.

Schon allein wegen dieser packenden Sprache, diesem reichen Vokabular, ist das Buch absolut lesenswert – und ich kann es zur Lektüre nur wärmstens empfehlen.

Abschließend: Rol, bitte, enthalte uns eine wie auch immer geartete Fortsetzung dieses Buches nicht vor – ich für meinen Teil würde mich mit Haut und Haaren darauf stürzen! Mit der gleichen Begeisterung, mit der ich "Muedebëtzeg" verschlungen habe!!

Pierre Ludovicy

Ein zufriedener Leser, der das Lesevergnügen an diesem Buch voll ausgekostet hat; im Februar 2012

**Jeff Baden – Lesezeit; Bäilag vum „Wort“ vum 29.3.2012**

# Gesellschaftkris

## Roman fir Erwuessener vum Roland Meyer

VUM JEFF BADEN

**Roland Meyer: „Muedebëtzeg“,** Op der Lay, 224 Säiten, Roman, Lëtzebuergesch, ISBN 978-2-87967-178-9, 14,90 Euro.




De Roland Meyer (Jg. 1963), vu Beruff Schoulmeeschter, kenne vill Lieser sécherlech éischter als Kanner- oder Jugendbuchautor, och wann hien dernieft ë. a. Kabaretstexter fir Erwuessener geschriwwen huet. Säin neie Roman „Muedebëtzeg“ ass e literarescht, staark gesellschaftskritescht Buch a riicht sech vun der Thematik hier eendeiteg un Erwuessener.

Dem Paul säi beruffflecht Liewen als erfollegräichen Architekt spillt sech tëscht Lëtzebuerg a Cannes of. Et ass mëttlerweil nach haaptsächlech Routine a sengem Alldag a mat 52 Joer léisst hie säi Liewe mam Laura, ganz kritesch Revue passéieren. Vill Opreegendes bleift do leider net méi, wier do net déi sexuell spannend Relatioun mat der attraktiver Architektin Isabel, dat 30 Joer méi jonk wéi de Paul ass. Dëst Verhältnes schéngt déi ongläich Këppelchen z'arrangéieren, mee féiert dozou, datt sech de Paul nach méi vu senger Fra entfriemt, bis en op eemol gewuer gëtt, datt d'Laura Broschtkriibs huet. Vun deem Ament gëtt et him ëmmer méi kloer, datt säi ganzt Liewe bis ewell „muedebëtzeg“ war...

Dem Roland Meyer säi Roman ass erzieleresch ganz interessant opgebaut an huet eng zirkulär Struktur – zum Schluss geet de Krees mat der Ufankszeen zou. Déi eenzel Personnagen, haaptsächlech gesellschaftlech Aussesäiter resp. Randexistenzen, déi mam Liewen net eens ginn, léiere sech no an no kennen an et entsteet dobäi e spannend Bezéiungsgeflecht. An hiren eigentlech banale Liewensgeschichte läit eng déif Alldagstragik, déi awer op eng lakonesch Manéier – wann och sproochlech heiansdo zimlech drastesch – just beschriwwe gëtt. Dialoger oder eng mënschlech-authentesch Kommunikatioun tëscht den, a sech selwer gefaangenen, isoléierte Personnagë gëtt et net. Doduerch entsteet eng bedréckend Atmosphär, eng Zort existenzialisteschen „Huis clos“.

„Ofhängegkeet“ ënner verschiddenste Formen spillt eng Schlësselroll bei der Sich vun de Personnagen no engem Liewenssënn, ganz däitlech gëtt dat an där exklusiv sexuell-intensiver Relatioun tëscht dem Paul an dem Isabel, déi ëmmer erëm iwwert dee Wee zesummekommen, ouni sech awer mënschlech wierklech méi no ze kommen...

Keen einfacht Buch deemno, wat vill Froen, existenzieller wéi gesellschaftlecher, opwäerft an de Lieser sécherlech net kal léisst...

**Empfehlung / Recommandation:** ●○○○

## Georges Walther

Wéi ech viru knapp 2 Wochen dem Roland Meyer seng Newsletter kritt hunn, an där hie säin neit Buch "Muedebëtzeg" mam Hiweis op éischt Kritiken presentéiert huet, hunn ech mer d'Buch direkt an deem flotten neien Op der Lay Buttek kaaft.

An der Rubrik "Nei um Bichermaart" huet RTL dem Auteur säi Pressetext mat copy-paste iwwerholl, "Muedebëtzeg" als Buch vun der Woch presentéiert an direkt drënner geschriwwen et géif am Buch "ëm de Broschtkriibs an ëm d'Konsequenzen" goen. Allerdengs hu se vergiess d'Wiertchen "och" virdrun ze setzen. Well obwuel de Broschtkriibs en dramateschen Aschnëtt an d'Liewe vun de Protagonisten duerstellt, sou ass dat schlussendlech just eng Episod an enger Liewensgeschicht déi riicht op eng Katastrof histeiert.

D'Haaptpersoun vum Buch ass de Paul, en Architekt an enger Staatsverwaltung, bestuet mam Laura, Mathematikerin an engem Lycée. Hir zwéin erwuesse Bouwe si schonn aus dem Haus an d'Geschicht gëtt haaptsächlech aus der Siicht vum Paul erzielt, dee sech an enger Liewenskris befënnt, déi déi meescht wuel als Midlife-Crisis bezeechne géifen (woubäi de lëtzebuergeschen Term "midd" allerdéngs besser passe géif). Mat ville Réckblécker an zum Deel parallel beschreift den Auteur wéi de Paul säi Congé op Vältesdag 2010 am verreente Cannes verbréngt, wou dëse sech wéi déi béid Joere virdrun am Hôtel Martinez op der Croisette aquartéiert huet, dës Kéier awer fir d'éischte Kéier eleng …

Méi sief hei net iwwer d'Geschicht selwer verroden, well de Roland Meyer schreift an enger dem lëtzebuerger Lieser liicht zougänglecher Sprooch an déi sällege Wiessele vun der Erzielperspektiv souwéi d'Entwécklung vun der Handlung droen dozou bäi, dass sech eng Spannung opbaut déi een d'Buch nëmmen ongären op d'Säit leeën deet wann ee mol bis Sympathie mat de Protagonisten opgebaut huet.

Wéi de Pierre Ludovicy, deem seng ausführlech Kritik de Roland Meyer a sengem Blog (Spoilerwarnung virum am Artikel verlinkte PDF) veröffentlecht huet sech et wënscht, wier besonnesch dem Isabel säi Charakter derwäert an engem eventuelle Nofolgewierk d'zentral Roll ze iwwerhuelen. Dem interesséierte Lieser bleiwen nämlech sou munnech Froen onbeäntwert wat d'Geschicht selwer awer net onkloer mécht, well dem Paul seng Entwécklung an Iwwerleeungen jo am Zentrum vun der Erzielung stinn. Ech géif zwar direkt zougräifen wann eng Kéier en zweeten Deel erauskomme géif, "Muedebëtzeg" eleng ass allerdengs schonn eng Beräicherung fir d'lëtzebuerger Literatur oder, wéi de Robert "Gollo" Steffen et ausdréckt dat "Buch, dat zu Lëtzebuerg gefeelt huet".

De Cover vum Buch ass fir e Mënsch mat Mupp ganz uspriechend, allerdengs ass an der Geschicht keng Referenz op d'Déier ze erkennen. Vläicht ass awer och grad de Fait, dass déi Foto scheinbar keng Relatioun zur Geschicht huet, e verstoppten Hiweis op e Léisungsusaz wéi de Paul sengem Liewen hätt kënne méi Sënn ginn.

## Emile „Mulles" Scholtes

Ech sin nawell e bësse midd haut an do bass du mat dru Schold, well ech däi Buch gëschter Owend ugefang hun an nëtt méi opgehaal hu mat liesen, bis ech fäerdeg wor …

Respekt, däin Opus ass nëtt nëmme spannend mee huet och um psychologeschen, mënschlechen a soziale Plang esou munches ze soen. Trotz deene villen Zäitspréng verléiert een ni den Iwwerbléck, au contraire maachen déi verschidden Erzählebenen d'Geschicht méi lieweg an haalen de Lecteur bei der Stang. Ëtt gehéiert ausserdem zu Lëtzbuerg Courage derzou, eng Geschicht wéi déi doten mat all hieren Detailler ze veröffentlechen. Stelleweis erënnert mech däi Buch a sénger Offenheet, Thematik, Radikalitéit an Eierlechkeet un dem Michel Houellebecq séng "Particules élémentaires". Op jidfer Fall e gelungend Buch, nëtt nëmme fir Leit an onsem Alter, mee wahrscheinlech virun allem. Ett huet mer e groe Sonnden méi schéi gemacht, an dat ass jo schons eppes wäert.

Iwreens wart wahrescheinlech elo all Typ op eng Suite, well wat mécht elo d'Isabel ??

## Françine

"Muedebëtzeg" huet sech ganz flësseg(?) gelies, ass vun ufank bis un d'enn spannend, d'story ass sou opgebaut, datt se absolutt glawwierdeg ass; eng vun deenen heefechen mid-life crisis escapaden, di jo dax schlëmm endegen an déi een esou gären géif reckgängeg maachen, do wärten vill leit an eisem alter sech schons ërëmfannen, an déi wou ët nach nët zë spéit ass, betraff an nodenklech genuch maachen, fier eventuell vun der iwwerhuelspur am leschten moment neess anzeschwenken…

fier een, deen dech gudd kennt, esou wéi ech, ass d'lecture wahrscheinlech aanescht wéi fier een "neutralen" lieser; déi biografesch elementer hun mech an deem sënn iergeféiert, datt ech de plot emmer ërëm gegleeft hun an angscht fier iech zwee hat! ech hun mier dann ëmmer ërëm bewosst missen maachen, datt ët eng fiktiv geschicht ass…

ech si wierklech beandrockt; iwwert verschidden philosophesch iwwerleeungen hun ech matt bewonnerung gestaunt, an och all respect fier déi radikal éierlechkeet an de courage esou ongeschminkt woueregkeeten ze schreiwen (z.B. d'fro un den dokter: "sin ech elo ee krëppel? dat huet mech zwar ëmgehaen!)

ech wönschen deem buch ganz vill success an könnt mier vierstellen, datt ët och gudd gief an déitschland ukommen…

chapeau francine

## Fotoen vum Kierfegt Saint-Hilaire zu Marville

"Ass dat wiirklech wouer, wat s De iwwert di "Atom-Versicher" bei den Kanadier geschriwwen hues – ech kann jo kaum gleewen, dass De dat frei erfont hues? Schrecklech!!!"

Déi Fro kruet ech gëschter vun engm Lieser gestallt. Als Äntwert op dës Fro weisen ech iech gär dës Fotoen, déi ech am Summer 2011 op dem Kierfegt Saint-Hillaire zu Marville gemaach hunn. Net wäit nieft Marville ass déi al kanadesch Airbase nach gutt ze gesinn. Och mat "Google-Earth" kann een se tipptopp fannen.


BABY WATSON
02 01 57 — 02 01 57


PETER MacNEIL
02 11 57 — 02 11 57
KEVIN PAUL DOUCETTE
23 01 58 — 09 03 59
CINDY DUMONT
30 03 59 — 30 03 59
KEVIN DOUCETTE
BORN 9 MARCH 59
DIED 9 MARCH 59


ICI EN 1890 LE GARDIEN MOTSCH
A RANGE CES 40.000 CRANES









# Plat du jour … eng Viraarbecht zu „Muedebëtzeg“

***2010 ass bei Omega 90 d’Buch “Am anderen Ende der Lichtung” erauskomm. An diem Buch ass den Text “Plat du jour”, dien als eng Zort Viraarbecht fir “Muedebëtzeg” kann ugesi ginn. Vill Motiver, déi och am Buch erëmkommen, fënd ee schonns an dësem Text. Et war deemools ee vun dienen éischte Versich, mengen Iddien méi no ze kommen.***

14.21 Auer. Et gëtt esou lues eidel heibannen. Elo gi se nees all op hier Aarbécht. Elo gi se nees op hier Büroen. Elo gi se nees op hier Banken. Eng Arméi schwaarzgekleed Männer a Fraen, all em déi 30 Joer al, déi meeschtens franséisch schwätzen, meeschtens e bëssen ze haart, déi de Plat du jour gutt fannen, déi de Kader, den Ambiente gutt fannen an déi esou guer de Bordeaux, dien se fir 31 Euro drénken, gutt fannen. Et gesäit een hinnen of, datt se dat alles gutt fannen, se verstoppen et net, nee se loossen et all Mënsch gesinn, dien hei am Restaurant, 100 Meter iwwer dem Musée, d’Strooss erop, sëtzt. Jidderee soll et miirke, jidderee soll et gesinn. Hier gutt Laun soll ustiechen. Mee se schreckt just of, wëll se hu keng Ahnung, se wësse jo näischt, se kënnen et net wëssen. Wouhir sollen se et och wëssen?
Si hunn dat net op hierer Universitéit geléiert. Do léiert een dat net. Op der Uni léiert ee Saachen fir d’Zukunft, fir déi Zäit no der Schoul, fir déi Zäit dono, wou ee schaffe geet, Sue verdingt, matmécht, eng Bank, eng Entreprise opbaut, sech eppes opbaut, sech eng Famill opbaut, sech en Haus opbaut, sech e Verméigen opbaut. An elo, no der Finanzkriiss?

Elo mengen déi, déi nach ëmmer op de Banke schaffen, an nach ëmmer all Mëtteg de Plat du jour heihinner iesse kommen an nach ëmmer die vill ze deieren a schlechte Bordeaux drénken, elo mengen déi, et ging nees vu vir ugoen. Si gleewen un de New Normal, si gleewen drunn, datt alles nees besser gëtt, datt alles nees vu vir ufänkt. Si gleewen un d’Operstoen vun hiere Banken, vun hiere Plazen, vun hierem Liewen, nom Doud. Si gleewen un dien éiwege Floss vun de Suen, si gleewen un d’Reinkarnatioun vun engem Kapital, dat just nach um Pobeier hei zu Lëtzebuerg ass, an dat wéi eng leefeg Houer hannert ganz anere Freieren hier ass. Mee si gleewen drunn, bis an all Éiwegkeet. Amen. Wourunner sollen si och soss gleewen?

14.25 Auer. Meng Fläsch Crozes-Hermitage ass eidel. Gëschter hat ech nees mam Pierre geschwat. Mir kennen eis zanter der Uni. Hien ass haut Dokter. Hie kënnt et gutt hunn. Hien ass Chefdokter op der Kriibsstatioun. Deemools war ech frou, fir hien ze kennen, wéi meng Fra Broschtkriibs hat. Een anzwousch ze kennen war ëmmer gutt hei zu Lëtzebuerg. Hie kënnt et gutt hunn, mee hien huet keng Rou am Aarsch. Him geet et net duer, Chefdokter op der Kriibsstatioun ze sinn. Hie wëllt méi. Rett hien hei da net genuch Leit?

Hie rifft vu Port-au-Prince un. Hien ass direkt no dienen éischten Deg dohinner geflunn. Wéi nach alles am Koup louch. Hien huet misse Kanner op der Strooss behandelen. Ausser sengem Drot fir d’Amputatiounen hat hie net vill mat. “Em de Rescht këmmeren sech déi aner”, hat hie gesot. Em de Rescht? Wat ass dat? Verbannen, sprëtzen, bieden a begruewen. Domadder wëllt hie näischt ze dinn hunn. Hien ass do fir ze amputéieren. Dofir ass hien dohinner geflunn. Hie seet, datt op Haiti d’Heiser bal all e Betonsdaach hunn, a wann die gefall kënnt, da ginn et elle Wonnen. Do hëlleft da just nach amputéieren. Dofir ass hien do, mat sengem Drot. Ass dat normal?

Ech sëtzen elo ganz alleng viru mengem Cognac. Wann dann elo en Erdbierwe kéim. Zack, alles ging zesummefalen. Alles. An en décke Koup. Alles dat, wat mir bis elo wichteg war. Wivill Präisser kruete mir bei Sites et Monuments schonns fir eis Alstaadt, fir all déi gelonge

Restauratiounen? Et gesäit elo alles esou schéin aus, an dofir koum d'UNESCO, dofir kommen d'Touristen. Ech kämpfen elo schonns zanter 25 Joer géint de Verfall. De Verfall hei am Land. De Verfall vun diem Land. Mir hëllefen de Leit hier al Heiser nees schéin ze maachen. Esou wéi se eng Kéier waren. Wéi wa se nees jonk wieren. Wéi wann et nees jonk Heiser wiren. A wann elo esou een Erdbierwe kéim?

14.40 Auer. Et gëtt Zäit, ech misst elo goen. Ech wees net, firwat ech u mäi Schwéierpapp denken. Wéi hien deemools gestuerwen ass, ware mir zwee an der Klinik. Den Dokter sot, en hätt net méi fir laang, et ging net méi laang goen. No all diem, wat de Mann matgemaach hat, hunn ech dat gutt fond. Ewéi wann ech e Recht gehat hätt, et gutt oder schlecht ze fannen. Ech sollt bei hien heem fueren, säi beschte Kostüm siche goen. Wann Doudecher an d'Lued geluecht ginn, da gi se schéi gemaach. Se kréien die beschte Sonndessekostüm un, hier houbescht Schung, eng Seidekravatt. Ech hunn dem Schwéierpapp säin Hutt och mat an d'Klinik bruecht. Wéi sollen se him dien opgesat hunn?

Wéi ech deemools alleng am Schwéierpapp sengem Haus war, hunn op eemol d'Saachen ugefaangen, eng aner Bedeitung ze kréien. Hien hat d'Saachen, fir se esou ze benotzen, wéi hien dat fir richteg fond huet. Doduerch datt hien net méi do war, krueten d'Saachen nees hier eigentlech Bedeitung zréck. Mir ass et virkomm, wéi wa se sech ginge veränneren, wéi wa se op eemol gingen anescht ausgesinn. Wéi all d'Saachen op der Welt, wéi all Haus op der Welt, wéi d'ganz Welt selwer, hate si de Mënsch, deen se benotzt hat, iwwerlieft. Si waren elo just nach Saachen, sie haten déi Bedeitung, déi mäi Schwéierpapp a se geluecht hat, verluer. An ech hunn hinnen dat ugesinn. Kënne Saachen sech veränneren?

14.52 Auer. Elo kommen ech ze spéit. Dien zweete Cognac, nach kee Kaffi bestallt. Ech kommen ze spéit. Um 15.00 Auer sollt ech mam Änder an der Klinik sinn. Dat sinn emol keng 10 Minutte méi. An nach kee Kaffi bestallt, a nach net bezuelt. D'Personal hei am Restaurant huet elo all Dësch fir den Owned gerëscht. Just mäi nach net. D'Wäifläsch steet nach op der besuddelter wäisser Dëschdecken, an zwee Cognacsglieser. Eent ass nach hallef voll. Ech kucken die roude Wäifleck op der Dëschdecken an ech muss nees un de Pierre denken. Hien huet elo schonns dräi Deg net méi ugeruff. Et wäert him jo näischt geschidd sinn. Marodéierent Bande vu Verbriecher, déi aus dienen zesummegefallene Prisongen fortgelaf sinn, maachen d'Insel onsécher. Fir si war d'Erdbierwen e Segen. De Pierre ass net virsiichteg. Hie passt net genuch op. Hie mengt, et kënnt him näischt geschéien. Hie mengt, wëll hien a sengem Liewen esou vill Guddes gemaach hätt, wier hien elo géint dat Béist geschützt. Hie gesäit dat wéi eng Wo. Déi wéist op dier gudder Säit ganz déif no ënnen, do dauert et laang, bis dat Béist eng Chance kritt, fir dat Gutt opzeweien. Mee gëtt et wiirklech esou een Handel mat Gutt a Béis?

15.07 Auer. Ech bezuelen. D'Serveuse ass nervös ginn, an ech hu keng Loscht, mech mat hier unzeleeën. Ech loossen hier 15 Euro Drënkgeld leien, dann ass hier "Iwwerstonn" mat mir net schlecht bezuelt. Et huet kee Wäert, elo erop an d'Klinik ze fueren, bis ech do sinn, ass den Änder scho nees fort. An alleng wëll ech och net do sëtzen. Den Änder ass Façadier. Hien huet e Betrieb. Ech hunn hien op der Aarbécht kenne geléiert. Hie laacht ëmmer a seet, hie ging meng al "Tutschen" nees nei schminken. Hie mengt d'Heiser. Hien ass esou, hie schwätzt esou. Hie mecht sech net vill Gedanken, mee hie mecht, wat muss gemaach ginn. Duerch hien hunn ech mäin ale Schoulfrënd Charel eremgesinn. Den Änder an hie ware gutt Kollegen. De Charel huet bei eis am Duerf gewunnt, mir sinn zesummen an d'Primärschoul gaangen, hunn der vill zesumme gestëppst an eis dono aus den Aë verluer. Ech war frou, de Charel nees erëmzehunn. Hie war e gudde Mënsch an hien hat dat net verdingt?

15.16 Auer. De Kaffi drenken ech hei ënnen am Bistro nieft dem Musée. An och dien drëtte Cognac. Wéi den Änder virun dräi Wochen ugeruff hat, war ech bal nieft de Kapp geroden: “Kanns du dech d’nächst Woch eng Kéier fräi maachen, de Charel läit an der Klinik. Bluttkriibs. D’Doktere soen, et ass net méi fir laang. Mir musse viru maachen!” Den Änder wollt mech mat an d’Klinik huelen. Hie wollt, datt ech de Charel nach eng Kéier sollt gesinn, ier hie ging stierwen. Den Änder ass esou, hie mecht sech net vill Gedanken. Wat seet een engem, die wees, datt e nach just e puer Deg ze liewen huet, engem, dien seng Zukunft verluer huet?

15.24 Auer. Den Änder huet nach net ugeruff, fir ze froen, wou ech dru wir. D’läscht Woch sollte mir bei de Charel goen. Mee den Änder hat dien Dag virdrunn ugeruff a gesot, et ging op en Enn goen, et hätt kee Wäert. Ech war erliichtert, an hu mech geschummt. Mee dunn ass et iewer nach eng Kéier besser ginn, d’Doktere konnten sech dat net erklären. An elo sollte mir haut um 15.00 Auer an der Klinik sinn.

15.27 Auer, an ech sëtzen hei mat dem véierte Cognac viru menger zweeter Taass Kaffi. Ech hat mir fräi geholl fir mam Änder bei de Charel ze goen. Ech hat mech fräi gemaach. Firwat ginn ech net?

15.30 Auer. Eng SMS vum Pierre. Hien ass nees zréck zu Lëtzebuerg. “Solle mir een huele goen, den Owend? Da verzielen ech dir alles.” Zanter ech net méi bei menger Fra sinn, kann ech op esou SMSen direkt äntwerten, wéinstens hat d’Scheedung dee Virdeel! Ech soen him, wou ech sinn, da kann hien direkt heihinner kommen. Haut schafft hie bestëmmt nach net?

15.52 Auer. Den Änder hat elo ugeruff. Hie sot, datt et gutt war, datt ech net koum. De Charel ass de Mëtteg gestuerwen. En Donneschdeg gëtt hie begruewen. Hien hätt elo net vill Zäit, wëll en dem Alice, dem Charel senger Fra wëllt e bëssen ënnert Äerm gräifen. Mir geséichen eis dann um Begriefniss. Wann eppes wir, kënnt ech mech bei him mellen. “Wann eppes ass, kanns du dech bei mir mellen.” Wat soll da sinn?

Kuerz drop ass de Pierre komm. Hie war brong am Gesiicht, esou wéi wann en aus der Vakanz kéim.